PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

D'Prozedur, fir eng TVA-Nummer zu Lëtzebuerg unzefroen, léisst sech integral iwwert myguichet.lu maachen. Nom Aschécke vun de Formulaire muss ee just nach op d'Äntwert vun der *Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA* (AED) waarden. Dee Moment, wou een d'TVA-Nummer awer erëm wëll ofmellen, besteet just nach d'Méiglechkeet ee Formulaire erofzelueden, auszefëllen a per Bréif un d'AED ze schécken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass virgesinn, dës Prozedur vun der Cessatioun och komplett ze digitaliséieren. Falls jo, ab wéini soll dëst méiglech sinn?
2. Existéiert ee festen Zäitplang fir d'Digitalisatioun vun de nach feelende Démarche bei der AED?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député